N° 7805
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.03.2023

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 213/2023
22 MARS 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. Määerz 2023

Här President,

D'Regierung huet ugekënnegt, datt den Ubau vu Cannabis zu medezineschen Zwecker hei am Land soll erlaabt ginn. D'Gesondheetsministesch an de Landwirtschaftsminister haten an dem Kontext fir Enn 2022 eng juristesch Etude ugekënnegt, wou d'Konditiounen an d'Krittäre fir d'Produzente solle gekläert ginn an op der Basis vun der dat entspriechend Gesetz soll ausgeschafft ginn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Konnt déi ugekënnegt juristesch Etude an Tëschenzäit finaliséiert ginn?
- Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen vun der Etude?
- Wéi eng Krittäre sinn zréckbehalen ginn?
- Wéi sollen d'Veraarbechtung an d'Vermaartung vum medezinesche Cannabis organiséiert ginn?
- U wien däerfen d'Produzente verkafen?
- Wéi gesäit déi zäitlech Ëmsetzung aus?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7805 vum 21. Mäerz 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.**

*Konnt déi ugekënnegt juristesch Etude an Têschenzäit finaliséiert ginn?*

*Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen vun der Etude?*

*Wéi eng Krittäre sinn zréckbehalen ginn?*

*Wéi sollen d'Veraarbechtung an d'Vermaartung vum medezinesche Cannabis organiséiert ginn?*

*U wien däerfen d'Produzente verkafen?*

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°6381 vum 21. Juni 2022 vun der honorabeler Deputéierter Madamm Martine Hansen geschriwwen, wäerten op Basis vun der Analyse juridique Äntwerten op eng ganz Rei Froen, ewéi z.B déi vun de Konditiounen an och den Auswahlkriterien vun de Produzente fonnt ginn.

Dësen Prozess gouf nach nët integral ofgeschloss. Di juristesch Analyse juridique ass am gaangen finaliséiert ze ginn an d'Conclusiounen dovun wäerten an en zukënftegen Avant-Projet de loi afléissen.

*Wéi gesäit déi zäitlech Ëmsetzung aus?*

Den Avant-projet de loi soll nach virun dem Enn vun dëser Legislatur am Regierungsrot presentéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert